OPPE, SOZIAL
A RESPONSABEL

De Wee aus der Kris – Wou bleift d'Strategie zu Lëtzebuerg?

De 29. Februar 2020 gouf offiziell vir d'éischte Kéier eng Persoun zu Lëtzebuerg mam COVID-19 diagnostizéiert. Genee wéi aner Länner an Europa a ronderëm d'Welt ass Lëtzebuerg de 16 Mäerz 2020 an en sou genannte Lockdown gaangen.[1] Kanner konnten net méi an d'Schoul; Geschäfter, Gastronomie an de Commerce hu missten zou maachen an di sozial Kontakter hu misste staark reduzéiert ginn. Säit genau engem Joer ass d'Liewen deemno en anert an eis Gesellschaft huet sech am Laf vun der Zäit missten den neien Erausfuerderungen upassen.

En éischte Bilan no engem Joer weist eis, dat vill Secteuren immens mat de Folge vun de bestoende Mesuren ze kämpfen hunn. Et ass hei ervir ze sträichen datt et den Horesca Secteur mat am stäerkste getraff huet nieft dem Tourismus an der Kultur. Zu Lëtzebuerg sinn am Laf vum leschte Joer iwwer 700 Leit mat oder duerch de Coronavirus gestuerwen, an dës Zuel klëmmt weider vun Dag zu Dag. Déi global Pandemie huet domat en direkten Impakt op eist gesellschaftlech a soziaalt Zesummeliewen an awer och op all eenzelen Individuum op eng perséinlech Aart a Weis.

Am Laf vun de leschte Wochen a Méint ass en Hoffnungsschimmer do. Fuerscher hunn ënner Héichdrock un engem passenden Impfstoff gefuerscht a waren domat erfollegräich. Et heescht zur Zäit leider nach Gedold ze hunn well déi verschidde Produzenten net no kommen déi bestallten Impfdosissen ze liwweren.

Als CSJ wëlle mir eis weiderhin dofir staark maachen dëse Virus gemeinsam ze bekämpfen an dofir fuerdere mir:

- D'Aféierung vun enger Bestrofung fir Leit déi sech virgedréckt hu bei der Vergab vun enger Impfdosis. Mir kënnen net toleréieren datt déi vill geluefte Solidaritéit déi mir am Ufank un den Dag geluecht hunn duerch Impfdrängler futti gemaach gëtt.

- An eiser Gesellschaft hëllt Skepsis géintiwwer verschidden Impfungen zou. Et ass dofir wichteg, datt eis Gesellschaft an aller Transparenz informéiert an opgekläert gëtt. Dës soll op Fakte baséieren a mat där néideger Serenitéit geschéien.

- Fir der aktuell wuessender Skepsis besser kënnen entgéint ze wierken, fuerdere mir datt all Bierger deen elo scho weess datt en sech wëll impfe loossen, an domat Deel vun der Léisung wëll sinn, dëst iwwert eng Registréierung op engem Site vun der Santé elo scho maachen kann.

[1] https://www.tageblatt.lu/headlines/so-verlief-die-corona-pandemie-bisher-in-luxemburg-2/

Mir stellen domat zu kengem Moment a Fro datt mir déi eeler a vulnerabel Leit als éischt sollen impfen an duerno dem Alter no vir goen. Sou e Site erméiglecht e besseren Iwwerbléck ze kréie wéivill Leit sech wëllen impfe loossen a wou nach muss verstäerkt sensibiliséiert ginn.

- Nieft enger Informatiounscampagne gëtt eng besser Logistik gebraucht fir datt den Impfstoff soubal en do ass direkt ka verimpft gi mam Zil méi schnell ze impfen. D'Hausdoktere mussen hei méi an den Impfprozess agebonne ginn.

- Soulaang net genuch Impfunge verfügbar sinn ass testen een Deel vu der Léisung. An deem Zesummenhang gëtt de massiven Asaz vu Schnelltester gefuerdert fir fréizäiteg, Infizéierter aus dem Verkéier ze zéien.

- Eng Registréierung déi een elo ka maache géing verhënneren dat wäertvoll Zäit versträicht wann eng nei Liwwerung un Impfdosissen zu Lëtzebuerg ukënnt. Et kann een dës weideren d'Leit spontan kontaktéiere wa méi ka verimpft ginn oder um Enn vum Dag déi eng oder aner Dosis iwwereg bleift.

- Aus der EU sinn iwwer 40 Millioune vun insgesamt 110 Millioune produzéierten Impfdosissen - also ganzer 36% - an aner Länner exportéiert ginn, dovunner 10 Milliounen a Groussbritannien. En contrepartie, krut EU nach keng eenzeg Impfdosis aus enger englescher Fabrick, well d'Produzenten do kontraktlech vir d'éischt Groussbritannien beliwwere mussen. Dat ass fir d'CSJ inakzeptabel. Solidaritéit geet fir eis an zwou Richtungen. Mir fuerderen dowéinst schnellstméiglech en europäescht Exportverbuet vun den Impfdosisse fir déi Länner déi en direkten oder indirekten Exportverbuet hunn. Grondsätzlech muss fir d'éischt sécher gestallt ginn datt d'EU Bierger genuch Impfstoff hunn fir hir Campagne duerchzeféieren éier den Impfstoff exportéiert gëtt, besonnesch a Länner déi selwer Impfstoff produzéieren a scho vill méi wäit mat hirer Campagne si wéi mir.

Mir sinn eis bewosst, datt mir nach eng Zäit wäerte brauche bis mir eis Bevëlkerung geimpft hunn. An där Zäit dierfe ma awer net vergiessen datt vill Leit ënnert de bestoende Mesurë leiden an dofir musse mir hinne weider ënnert d'Ärem gräifen.

Mir fuerderen dofir:

- Verlängerung vun de 50 Euro Bongen déi d'Regierung am Kader vun der Vakanz doheem lancéiert huet.

- Dëse Bong soll och fir aner Secteuren opgemaach gi wéi beispillsweis den Horeca Secteur deen immens ënnert de Restriktioune leit.

- De Konschtschafenden eng Perspektiv bidden fir d'Zukunft. Iwwert de Summer op verschiddene Platze kleng Festivaller organiséiere wou si kennen ënnert der Anhaalung vun de Restriktioune optrieden an esou hiert Talent dem Public weisen.

- Prozedure fir Hëllefen unzefroe vereinfachen. En Deel vun de Pabeieren déi d'Betriber mussen aschécken veränneren sech net an do wier et no engem Joer un der Zäit e System en Place ze hunn wou dës automatesch am Respekt vun dem Dateschutz ofgespäichert sinn. Dëst géing de Betriber immens hëllefe well si wäertvoll Zäit géinge spueren.

- Am leschte Joer waren déi meescht Leit am Teletravail. D'Méiglechkeet dësen och no der Pandemie nach kënnen ze benotze soll e gesetzleche Kader kréien. Eis Regierung soll dofir och laangfristeg Accorde mat eisen Nopeschlänner aushandelen.

- Am Summer sëtzen d'Leit gären dobaussen an dofir fuerdere mir d'Schafung vu méi Platze wou d'Terrasse kënnen opgemaach ginn. Dëst kann och op grousse Plazen erméiglecht gi wou déi néideg Infrastrukturen op eng einfach Aart a Weis kenne geschafe ginn. De Virdeel wier deen datt den Horesca Secteur schaffen kéint an déi néideg sanitär Moossname agehale kënne ginn.

- No dëser Pandemie soll eng grondleeënd Analyse gemaach gi wat gutt a wat schif gelaf ass. D'Auswäertung soll dofir genotzt ginn fir op zukünfteg Krise besser virbereet ze sinn.

Als CSJ si mir iwwerzeegt, datt mir dës Pandemie nëmmen zesumme kënne bekämpfen an all eenzelen Deel vun der Léisung ass. D'Ënnerstëtzung vun den eenzele Betriber a Secteuren ass immens wichteg an dëst soll Hand an Hand mat enger verstäerkter Sensibiliséierung an Opklärunge bezüglech den Impfunge stattfannen.

Ugeholl um CSJ Online-Kongress 2021